Periodesche Bulletin erausgi vun der DP-Sektioun Stengefort - Hoen - Klengbetten - Grass

# STENGEFORTER DEMOKRATEN

DEMOKRATESCH PARTEI

Steinfort Hagen Kleinbettingen Grass

AUSGAB 01.22 | FEBRUAR | **INFOBLAT 2022**

MÉI FIR EIS GEMENG

## VIRWUERT

### *VUM GEMENGECONSEILLER A PRESIDENT VUN DER STENGEFORTER DP SEKTIOUN DAN FRIEDEN*



D'Corona-Pandemie huet eis fest am Grëff an et ass nach net ofzegesinn wéini mir erëm an eist normaalt Alldagsliewen iwwer goe kënnen. Mee loosse mir d'Hoffnung net opginn. Och wann mir schonn am Februar sinn ass et ni ze spéit fir gutt Wënsch an duerfir wënsche ech a mengem Numm an am Numm vum Comité vun der Stengeforter DP-Sektioun op dësem Wee „Alles Gutts fir 2022" a virun Allem eng gutt Gesondheet.

Mir hunn en neie Buergermeeschter an eng néi Schäffen. Op dësem Wee wënsche mir hinnen eng gutt Hand a mir hoffen a freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht am Interesse vun de Bierger aus eiser Gemeng Stengefort.

De Budget iwwert dee mir an der leschter Gemengerotssëtzung diskutéiert an ofgestëmmt hunn gesäit nieft dem Weiderféiere vu lafende Projeten och eng ganz Rei nei Projete fir. A mengen Aen ass dësen Budgetsprojet zwar ambitiéis an zum Deel Realitéitsfriem, wëll all déi Projeten, esou wuel grousser wéi klenger, kann eis Gemeng an dem nächste Joer net stemmen. Dëst esou wuel net um finanzielle Plang wéi awer och net um materiellen a personellem Plang.

Wéi an der Vergaangenheet wäerte mir versichen iech eis Meenung an eis Vuen zu der Gemengeféierung an hire Projete matzedeelen. Dëst op dem Wee vun dem engen oder anere Flyer, iwwert eis Internetsäit „Steinfort.dp.lu" an op eiser Facebooksäit.

### *PRÉAMBULE DE NOTRE CONSEILLER COMMUNAL ET PRÉSIDENT DE LA SECTION DP DAN FRIEDEN*

La pandémie de Corona nous a saisis et il n'est pas encore clair quand nous pourrons reprendre notre vie quotidienne normale. Mais ne perdons pas espoir. Même si on est déjà février, je suis d'avis qu'il n'est jamais trop tard pour souhaiter les meilleurs vœux et ainsi je me permets, au nom du comité DP de la Section de Steinfort, de vous souhaiter une bonne année 2022 et surtout une bonne santé.

Dans notre commune, la vie semi-normale a repris.

Nous avons un nouveau bourgmestre et une nouvelle échevine. Nous leur souhaitons beaucoup de succès et nous espérons une bonne coopération dans l'intérêt des citoyens de notre commune Steinfort.

Le budget dont nous avons discuté et voté lors du dernier conseil communal, en plus de poursuivre les projets en cours, prévoit également toute une série de nouveaux projets. À mon avis, ce projet budgétaire est ambitieux et en partie irréaliste, car tous ces projets, petits et grands, notre commune ne pourra pas tous les réaliser en une année. Ce n'est pas tant au niveau financier qu'au niveau matériel et personnel.

Comme par le passé, nous essaierons de communiquer notre opinion et nos points de vue sur les dirigeants de la commune ainsi que sur leurs projets. Ceci par le biais de l'un ou l'autre flyer et également via notre site internet „Steinfort.dp.lu" et sur notre page Facebook.

# MENG MEENUNG



Wéi d'LSAP nach an der Oppositioun war, hunn se der Majoritéit ëmmer virgehäit si géing ze vill Suen ausginn, also net spueren. Wann een eppes Neies wëllt opriichten, muss ee Suen ausginn. Mee och bei eppes Neiem hätt ee kënne vill Sue spueren wann een dee neie Sportzenter, Schwämm, neie Roudemer op där Platz gebaut hätt, déi di al Majoritéit proposéiert hat. Do wier alles bei enee gewiescht, an alles Geld wat schonn ausginn ass, ier emol de Bagger gerullt ass, hätt een ni gebraucht. Den Amenagement vun der Parkplaz bei der "aler Schmelz" huet eleng +-252.000.- € kascht, den provisoresche Zenter kascht 10.000.- € de Mount Loyer, dat mécht op 5 Joer (bestëmmt dauert et méi laang) 600.000.- €. De Loyer vum Parking hannert der Spuerkeess kascht 5.000.-€ de Mount, gëtt 300.000.-€ op 5 Joer. De Präis vum Amenagement vun dësem Parking hunn ech net eraus fonnt. Fir d'Tribün, d'Buvette an Vestiairen vum Football nei ze maachen, leit en Devis vun 4.629.014.-€ vir, vum Tennisterrain ass nach näischt gesot, ausser dass och do soll investéiert ginn. Fussball an Tennis waren och virgesinn op der Platz, déi di viregt Majoritéit virgeschloen hat, also hätt een des Suen och kenne spueren, an op der Platz vum jëtzegen Terrain hätt d'Gemeng nach e puer Bauplazen ze verkafe gehat a Suen era kritt. Nëmme mat deem wat hei opgezielt ass, sinn ech bei 5.781.014.-€, mee nach vill Niewekäschten déi och ufalen oder schonn do sinn, sinn hei nach net derbäi. Wann alles op enger Platz zesumme gebaut gi wier, dann hätten d'lafend Käschten sech op d'Hallschent reduzéiert.

Fazit: nëmme well se deemools an der Oppositioun waren an dofir déi virgesinne Platz wou all Sportsinfrastrukture bei enee gewiescht wieren net wollt. Dëst mam Argument, dat wier ze weit ewech vun der Schoul. Dofir kascht dat de Steierzueler elo esou vill méi. An un eng nei Schoul misst och esou lues geduecht ginn, well wann eis Awunnerzuel weider esou steigt, da sinn och eng Rei Kanner derbäi an eis jëtzeg Schoul fänkt un ze kleng ze ginn.

An op der Platz, wou elo déi al Schwämm, den Turnsall an och de Roudemer ofgerappt gi, hätt ee kennen eng nei Schoul virgesinn, dann hätte mer alles beienee gehat. An en neie Roudemer hätt ee kënnen opriichten op der Platz, wou elo de provisoreschen Zenter steet.

De Rol

# LE DILEMME AVEC LES SALLES POUR NOS CLUBS



À maintes reprises, nous entendons les clubs de notre commune, dire qu'ils rencontrent des problèmes dans notre commune avec la disponibilité de nos salles communales.

Un certain nombre de salles pour les clubs sont réservées chaque semaine pour leurs activités. Tout club qui n'a pas un tel lieu fixe aura un problème s'il veut organiser quelque chose. Ici les gens du service communal doivent jongler avec les demandes des clubs afin de les satisfaire au maximum. Ce n'est pas toujours facile, et si le résultat ne correspond pas aux attentes des clubs respectifs, c'est la faute du service communal qui en devra assumer les frais. Ils ne sont donc pas à envier.

Il y a eu une lueur d'espoir dans la présentation du budget pour l'année 2022. Il est prévu que certaines pièces du bâtiment de l'ancienne école de Steinfort seront rénovées et réaffectées. Jusqu'à présent, il y a toujours l'une ou l'autre salle qui est fermée sans pouvoir proposer un autre lieu valable.

Mais, jusqu'à la mise en place de ce projet, des solutions provisoires devront être trouvées.

L'avenir nous dira comment cela se passera.

Armand Lanners

# LA NOUVELLE PASSERELLE PIÉTONNE PRÈS DE L'ÉTANG

Des habitants de Steinfort nous ont informés qu'un nouveau pont piétonnier étroit a été construit près de l'étang. Ce pont relie la nouvelle Cité Aischzenter avec le chemin le long de l'étang. Ils ont remarqué qu'on a mis longtemps pour réaliser enfin ledit pont.

Par la suite nous avons analysé la situation dont question, et nous avons constaté qu'un certain nombre de questions se posaient.

Qui a réalisé les plans et qui a déterminé la largeur du tablier du pont? Faut-il un architecte pour un tel projet ou un bureau d'étude suffit-il pour arrêter une telle chose? La passerelle est suffisamment longue mais beaucoup trop étroite pour un pont piétonnier.
Avec une largeur inférieure à 1,25 mètres, il est beaucoup trop étroit. Il y a à peine 2 personnes normales qui peuvent se croiser. Mais surement pas 2 personnes en fauteuils roulants ou avec déambulateurs et pas non plus 2 poussettes pour bébés.

Au début, nous étions perplexes, vu le temps qu'a duré la réalisation du pont et sa liaison avec le chemin longeant le lac, et nous nous sommes demandés, si le le promoteur du projet prévoyait l'installation de feux tricolores pour réguler le trafic piéton à cet endroit. Mais, en fin de compte, cela ne semble pas être le cas.

Il se pourrait également que lorsque nous serons sortis de la crise de Corona, à un moment donné,



notre commune définira ce pont comme un «lieu de rencontre». Parce que, à part des éléments provisoires et temporaires, nous n'avons rien de tel dans notre commune.

Jacques Muller

# DE SOZIALE WUNNENGSBAU



Hei seet déi LSAP-Déi Gréng Majoritéit si géif grouss Efforte maachen. Dat stëmmt esou wäit wéi si an de leschte Joren dat eent oder aner Haus a bebaubar Terrainen zu dësem Zweck opkaaft hunn. Och loossen si zu Hoen an der Platz vum ofgerappte Paschtoueschhaus en Appartementshaus fir sozial Wunnenge bauen.

Mee besonneg beim Akaf vu bebaubaren Terraine kréien ech ëmmer d'Gefill, dass si do fir egal wat fir e Präis kafen. Aner Méiglechkeeten déi si ugebuede kréie fir Terrainen zu vertrietbare Präisser ze kréie ginn einfach ausgeschloen an Méiglechkeeten déi si hätte fir op Terrainen déi déi viregt Majoritéit zu Grass haaptsächlech zu dësem Zweck opkaaft huett ginn ignoréiert.

An dem enge Fall sinn dat Terrainen am ausgewisene PAP Sauerträisch zu Stengefort, wou si op dës Manéier der Gemeng eng Méiglechkeet schafe géife fir an dem PAP net spéiderhin deier Terrainen oder Gebaier mussen ze kafen, mee direkt vun Ufank un d'Ausriichtung fir de soziale Wunnengsbau vun der Gemeng bestëmme kéinten.

Den Terrain zu Grass misst just nach an de Bauperimeter era geholl ginn. Dëst wär elo an der Prozedur vum Opstelle vum neien PAG (Bebauungsplang) ouni gréisseren Opwand méiglech.

André Lippert

## MERCI

Merci un eise Schäfferot dass am Virfeld vum Skoda Tour de Luxembourg 2021 den ënneschten Deel vun der rue "Boxepull", dee laang an engem schlechten Zoustand war, een neie Schwaarzbelaag (Makadamm) kritt huet. Elo wär et flott, wann dëst Joer den Tour entweder duerch d'rue de la Carrière oder duerch rue de l'Hôpital oder d'Cité Pierre Braun (vir nëmmen des ze nennen) géif fueren, vir dass och déi Stroossen vun dësem Evenement kéinte profitéiere vir een neien Tapis ze kréien, egal wien an dëse Stroossen wunnt.

Marc



## DEN DILEMMA MAT SÄLL FIR EIS VERÄINER

Ëmmer erëm héiere mir vun de Veräiner, dass mer an eiser Gemeng en Probleem mat der Disponibilitéit vun eise Gemengesäll fir eis Veräiner hunn.

Et sinn eng Partie Säll vun de Veräiner all Woch fir hir Aktivitéite fest blockéiert. All Veräin den net iwwert esou e feste Sall verfügt huet dann e Problem wann en Eppes organiséiere wëll. Do mussen dann d'Leit vum Service hin an hier jongléiere mat de Veräiner fir si esou vill wéi méiglech zefridden ze stellen. Dat ass net ëmmer einfach, a wann et net klappt kritt natierlech de Service dëst auszebueden. Sie sinn dofir net ze beneiden.

E Liichtbléck gouf et do bei der Virstellung vum Budget fir d'Joer 2022. Hei ass virgesinn, dass verschidde Raimlechkeeten an der aller Schoul zu Stengefort solle frësch gemaach a reaffektéiert ginn. Bis elo ass et ëmmer erëm de Fall gewiescht, dass den een oder anere Sall zou gemaach ginn ass ouni en valabelen Ersatz ubidden ze kënnen.

Mee, bis zur Ëmsetzung vun dësem Projet wäerten nees provisoresch Léisunge komme.

Kucke mer emol wéi dat ausgeet.

Armand Lanners

## JOIN THE FAMILY

***WÉI ENG GROUSS FAMILL***
***COMME UNE GRANDE FAMILLE***

D'DP ass vill méi wéi eng Partei. D'DP ass eng grouss Famill.

Member an der DP ze sinn, dat heescht sech kënnen anzebréngen, ze diskutéieren an d'Zukunft aktiv mat ze gestalten.

Du wëlls en aktiven Deel vun eiser DP-Famill ginn? Op dech waarden Evenementer, bei deenen's du dech kanns politesch asetzen a geselleg zesummesinn.

Mir freeën eis, fir dech kennenzeléieren:

**family.dp.lu**

Le DP est bien plus qu'un simple parti politique. Le parti démocratique est comme une grande famille.

Être membre du DP veut aussi dire avoir la possibilité de s'engager, de participer aux discussions et d'activement modeler le futur.

Tu veux devenir membre actif de notre famille 'DP' ? Beaucoup d'événements t'attendent où tu peux participer au sein d'un groupe convivial.

Nous sommes contents de faire ta connaissance :

**family.dp.lu**

Impressum: DP Steinfort / email: steinfort@dp.lu / http://steinfort.dp.lu